

Deklaratioun zum geplangten Ausbau vun den Tanken,
vun der Gréiwemaacher Buergermeeschtesch Monique Hermes,
am Ufank vun der Gemengerotssëtzung vum 30.10.2026

Léif alleguer,

Am Numm vun eisem Schäfferot well ech lech haut iwwer déi rezent Entwécklung am Dossier TANKLUX informéieren.

Méindes, den 19. Oktober 2026 gouf d’Gemeng Gréiwemaacher äiskal erwëscht, wéi se per Courier vun der Ëmweltverwaltung a vum Aarbechtsministère informéiert ginn ass, datt d’TANKLUX de 15. Oktober d’Autorisatioun kritt huet, fir dee geplangten Ausbau vun den Tanken, dee mer de 5. November 2025 matgedeelt kritt haten. Deemools waren äis och déi voluminéis Dossiere vum Environnement a vun der ITM zougestallt ginn.

Ech widderhuelen, wourëm et haaptsächlech geet: **Déi jëtzeg Lagerkapazitéit an deenen Tanken, déi scho bestinn, nämlech 60.750 m³, soll mat 7 neie grouse Reservoirën ëm 90.000 m³ Pëtrolsprodukten erweidert ginn a géif domat op ronn 151.000 m³ klammen.** An där neier Autorisatioun sinn natierlech Oploen, mä de Fong ännert net.

D’Gemeng huet am November 2025 dat gemaach, wat vun hir verlaangt ginn ass: den Affichage am Reider, d’Publikatioun an der Press, eng ëffentlech Enquête mat Procès-verbal.

- **Eise Gemengerot** war direkt war direkt informéiert ginn a gouf och bei de weidere Schrëtt permanent um lafende gehalten.

Dës weider Schrëtt waren:

- **Eng Informatioun un eise Nopeschgemengen**, nämlech Mäertert-Waasserbëlleg, d’Verbandsgemeinde Konz, an d’Gemengen Uewerbëlleg, Temmels a Wellen.
- Mir hunn och gefrot, fir **eng Verlängerung vum Delai** vun der Comodo/Inkommodo-Prozedur ze kréien, nämlech ëm 2 Méint, bis den 28. Februar 2026 – wat äis verweigert ginn ass.
- Mir hunn eisen Affekot ageschalt, äis mat eisen Nopeschgemengen un een Dësch gesat, an de 5. Dezember 2025 **eng gemeinsam Erklärung géint den Ausbau vun den Tanken am Hafe vu Mäertert** publizéiert.
- An der Tëschenzäit hate mir **eis Populatioun** iwwer d’sozial Medie gefrot, fir **sech mat äis géint den Ausbau ze stäipen** – ufanks

Dezember hate mer ronn **300 Reklamatiounen**: Bréiwer, Mailen, Ënnerschrëften...

- **Am Gemengerot vum 19. Dezember 2025** hu mer eestëmmecht eng **Motioun géint den Ausbau vum den Tanke gestëmmt** – an déi **Motioun weidergereecht**.
- **Den 28. Dezember 2025** hu mer fristgerecht der Ëmweltverwaltung an dem Aarbechtsministère **eis Positioun** matgedeelt: **Neen zum Ausbau vum den Tanklageren am Hafe vu Mäertert**.

Eng kleng Tëschebemierkung: Ufanks 2026 krut d’Gemeng Maacher vun den zoustännegen Instanzen eng nei Demande vum TANKLUX zougestallt: eng “modification non substantielle” betreffend d’Ëmluede vu verschiddenen Tanken an d’Entluede vun de Schëffer nuets.

Och hei si mer dergéint gaangen – Recours gracieux; verweigert – an elo Geriicht; déi Prozedur ass nach net ofgeschloss.

- **Firwat ass d’Gemeng Gréiwemaacher géint den Ausbau vum den Tanken?**

- **Mir liewen am Zäitalter vum der Energietransitioun hin zu erneierbaren Energien.** Do mécht déi immens grouss Erweiterung vum der Kapazitéit vum den Tanke kee Sënn.
- **Duerch de Klimawandel sinn d’Peegelstänn um Rhäin ze niddereg fir en effiziente Schëffsverkéier.** Deen ass doduerch tëscht dem Rotterdamer an dem Mäerter Hafen dacks gestéiert.
- **D’Gesondheet an d’Sécherheet vum der Bierger sinn a Gefor duerch Emissiounen, Kaméidi, Geroch, an Onfallrisiken.** An enger Welt, wou Dronen ëmmer méi en Thema sinn, klëmmt och dee Risiko fir den Hafe vu Mäertert.
- **D’Ëmwelt ass a Gefor** – Verschmutzung vum Buedem, vu Loft a Waasser, vun der Musel...
- **D’Liewensqualitéit vum den Awunner geet zréck, duerch Kaméidi, Geroch, méi Verkéier besonnesch Camionsverkéier, Angscht virun Onfäll an e Gefill vum Onsécherheet.**
- **Déi nei Tanke kéime quasi bis bei d’Maacher Kläranlag. De Wunnquartier op Flohr läit ganz no derbäi.** Och eis

Kläranlag an eis touristesch Attraktiounen sinn net wäit ewech: De Päiperleksgaart, de Kulturhuef, d'Schwämm, de Camping...

- D'Stad Gréiwemaacher an déi aner betreffen Uertschafte verléieren un Attraktivitéit an d'Entwécklung vun neie Wunnquartieren an der Ëmgéigend vun den Tanken gëtt gebremst.
- Wat geschitt am Fall vun engem schwéieren Ongléck? Kontaminatioun als Gesondheitsrisiko, Explosiounen a Feier wéinst der Brandgefahr vun de gelagerte Substanzen, Buedem- a Waasserverschmutzung, grouss Auswierkungen op Fauna a Flora...
- D'Resilienz vu Lëtzebuerg ass am Fall vun engem Accident oder enger Dronenattack net méi garantéiert, well da keng Versuergung méi méiglech ass.
- Wéi sécher sinn déi al Tanken nach? Déi Fro gëtt méi dacks gestallt – an et gëtt keng schlësseg Äntwert drop.

All déi an och nach aner Risike sinn net ze ënnerschätzen – dofir eise resolutten Neen zum Ausbau vun den Tanken am Hafe vu Mäertert!!!

Wéi geet et elo weider?

- Mir hunn den Aushang gemaach, wéi dat verlaangt ass.
- Mir hunn déi Leit, déi Enn 2025 schrëftlech reklaméiert haten, per ageschriwwene Bréif iwwer de “Stand der Dinge” informéiert.
- Mir wäerten och dës Käier erëm Lëschten an der Gemeng opleeën, wou ee sech géint den Ausbau ausdrécke kann.
- **Déi nächst Etapp ass dann e Recours gracieux géint d'Decisioun vun de Ministèren.** Mir sinn dobäi net eleng, well de Gemengerot vu Mäertert huet gëschter déi selwecht Schrëtt bestätegt.
- **Wann dee Recours refuséiert gëtt, si mer och prett, weider Schrëtt a Richtung Verwaltungsgericht ze ënnerhuelen.**

Dat alles heescht, datt dat lescht Wuert a puncto Erweiterung vun den Tanklagere am Hafe vu Mäertert nach net geschwat ass.